ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Arméiminister weiderzeleeden.

Viru Kuerzem huet Amnesty International an engem Bericht, dee weltwäit héich Welle geschloen huet, der Ukrain Verstéiss géint dat internationaalt Krichsrecht (ius in bello) virgeworf. Déi ukrainesch Arméi soll Zivilisten a Gefor bruecht hunn, well si a Wunngebidder Stützpunkter opgeriicht hätt. Och a Schoulen a Klinikke solle sech ukrainesch Zaldote verschanzt hunn. Aner Berichter schwätzen dervun, datt just e Brochdeel vun de Waffen, déi vun de westleche Länner un d'Ukrain geliwwert ginn, hiert Zil erreechen. Déi US-amerikanesch Kontrollinstanz fir den Export vu Waffematerial huet festgestallt, datt et praktesch net méiglech ass, déi un d'Ukrain geliwwert Waffen nozeverfollegen, an d'EU huet zouginn, datt iwwer d'Republik Moldau héchstwahrscheinlech ee grouss ugeluechte Waffeschmuggel aus der Ukrain koordinéiert gëtt. Et gëtt gefaart, datt ee groussen Deel vun de westleche Waffen um Schwaarzmaart verkaaft ginn an doduerch an d'Hänn vu kriminellen oder terroristesche Vereenegunge fale kéinten. Och Liewensmëttel a Schutzausrüstung sollen um Schwaarzmaart fir deier Geld ugebuede ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Minister:

1) Wéi steet d'Regierung zum uewe genannte Rapport vun Amnesty International? Wëll d'Regierung op dëse Bericht ëffentlech reagéieren? Geet d'Regierung dervun aus, datt et opportun ass Waffen un eng Arméi ze liwweren, déi géint déi Genfer Konventioune verstéisst?
2) Kann d'Regierung preziséieren, ob Lëtzebuerg och da weiderhi Waffen a Munitioun un d'Ukrain liwwere wäert, wa sech confirméiere sollt, datt ee signifikanten Deel vun dëse Waffen an déi falsch Hänn geréit?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten